N° 7211
Entrée le 18.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.11.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 18. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no kënnt et vir, dass „Mineurs non accompagnés", déi an enger „Structure d'urgence" opgeholl gi sinn, no zwee Méint nach ëmmer net dierfen an d'Schoul goen, well et op administrativem Niveau zu Problemer beim Traitement vun hirem Dossier kënnt. Déi Dokumenter, déi zertifiéieren, dass déi concernéiert jonk Leit medezinesch ënnersicht goufen, kommen net bei der Santé un. Doduerch kann d'Santé de Certificat, dass se „apte" si fir an d'Schoul ze goen, net un de Foyer weiderleeden.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Minister fir Gesondheet an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kënnen d'Madamm an den Här Minister confirméieren, dass et beim Traitement vun Dossiere vu „Mineurs non accompagnés" zu Problemer an domat zu Retarde bei der Scolarisatioun kënnt?
    - Wa jo, wéi vill Fäll sinn aktuell bekannt?
- Wéi eng Moossname gi geholl, fir dofir ze suergen, dass „Mineurs non accompagnés" no bestanenem medezineschem Test schnellstméiglech kënnen an d'Schoul goen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Max Hengel
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7211 vun den honorabele Deputéierten Martine Hansen a Max Hengel**

Selbstverständlech hu Mineurs non accompagnés en Usproch an eng Pflicht op Beschoulung. Grad esou selbstverständlech ass et, datt de Gesondheetszoustand vu Schülerinnen a Schüler aus Drëttlänner kontrolléiert gëtt, éier dës an d'Schoul ginn, besonnesch wat d'Tuberkulos ugeet. Et gëllt dobäi, duerfir ze suergen, datt d'Delaie fir déi medizinesch Prozeduren sech a verstännegem Mooss beweegen.

Mat der Ofännerung vum *Règlement grand-ducal du 3 février 2009 relatif au Contrôle médical des étrangers* duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 11. Oktober 2022 gouf d'medizinesch Prozedur a Saachen Tuberkulostest geännert an d'Dauer dovunner staark verkierzt, dëst op ongeféier zwou Wochen. Déi Prozedur kann och bei Mineurs d'âge agesat ginn, déi ouni hir Elteren zu Lëtzebuerg sinn, a wou nach keng Tutelle geschwat gouf. D'Direction de la Santé huet fir si all Woch Spriechstonn, wou de jonke Leit déi entspriechend Ordonnance ausgestallt gëtt an d'Prozedur ufänkt.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH